N°1586
Entrée le 20.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

La Ministre déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Médias et de la Connectivité

**Äntwert vun der delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, Elisabeth MARGUE op d'parlamentaresch Fro n° 1586 vum 27. November 2024 vum honorabelen Deputéierte Marc GOERGEN.**

Fro 1-3

RCS (Rich Communication Services) ass eng Initiativ aus dem Joer 2007 vun der GSMA (Groupe Speciale Mobile Association, den Zesummeschloss vun de mobilen Telecom Operateuren) fir d'Funktionalitéite vun den traditionelle Messaging-Servicer SMS resp. MMS auszebauen. Aktuell gëtt RCS vun Android-Geräten ënnerstëtzt, Apple supportéiert RCS ab dem iOS 18. Well d'Emsetzung fir d'Operateuren awer net esou einfach ass, wéi een dat unhuele kënnt an och mat neie Käschte verbonnen ass, a well d'Messaging Apps mëttlerweil wesentlech besser an deelweis méi sécher Kommunikatiouns-Méiglechkeete bidden, huet RCS sech bis elo net duerchgesat. D'Telekom Operateuren sin net verflicht RCS unzebidden.

Lëtzebuerg, den 19. Dezember 2024

Déi delegéiert Ministesch beim Premierminister
fir Medien a Connectivitéit
(s.) Elisabeth MARGUE